Ech begréissen lech

Madame Viviane Loschetter, Scheffin vun der Stad Lëtzebuerg,

Léif Elteren, Léif Schüler, Léif Gäscht,

Sehr geehrter Herr Wiechert, Festredner des heutigen Abends,

Ech begréissen lech all bei dësem Festakt aus Ulass vum 25-jährege Bestoe vun der Fräi-ëffentlecher Waldorfschoul Lëtzebuerg.

*

Wéi d'Grënner virun 25 Joer deen ebesjen ëmständleche Numm *Fräi-ëffentlech Waldorfschoul Lëtzebuerg* fir ons Schoul ausgesicht hun, haten si bestëmmte Grënn dofir. Am Ufank wollte si hier Initiativ innerhalb vun der ëffentlecher Schoul réaliséieren. Dat ass u Widerstänn gescheitert. Gewëssermoossen an de Privatschoulstatus gezwongen, wollte si sech ofgrenzen vun deene existéierenden Privatschoulen.
Duerch wat ënnerscheed sech di *Fräi-ëffentlech Waldorfschoul Lëtzebuerg* vun aneren Privatschoulen?

- D'Waldorfschoul Lëtzebuerg ass ervirgaangen aus enger <u>Inititiativ vun Elteren,</u> vun eenen een Deel och enseignant woren. Dës Mënschen woren op der Sich no enger pédagogescher Alternativ fir hir Kanner an si hun dës bei der Waldorfpédagogik fonnt. Och iwert de Grënnungsprozess eraus, spillen d'Elteren eng droend Roll an onser Schoul: si si Partner mat de Pädagogen an Pädagoginnen an der Erzéiung a Bildung vun hire Kanner, si sin bedeelegt u richtungsweisende Beschlëss vun der Schoul.

- D'Waldorfschoul Lëtzebuerg leet Wert op <u>sozial Mëschung</u>: D'Bäitragsuerdnung ass esou ugeluecht, dat d'Schoulgeld fir kee Kand däerft eng Barrière duerstellen.

- D'Waldorfschoul Lëtzebuerg leet Wert op <u>sozial Kohésioun</u>: Kanner mat ënnerschiddlechen Anlagen an Fähegkeeten léieren a schaffen hir ganz Schoulzäit zesummen.

- D‘Waldorfschoul Lëtzebuerg praktiziéiert eng aner Pédagogik. Wat dat am eenzelen heescht, kann ech elo nët hei ausféieren, well et de Kader sprenge géif. Just dat elei: Virun e puer Wochen hat ech Geleenheet un engem Colloque vum Erzéiungsministär deelzehuelen, deen ënnert dem Titel stoung: „Emotionen und Lernen“. Während zwee Deeg hun Hirfuerscher, Pédagogen an Psychanalitiker iwert d’Bedéngungen referéiert, di d’Kanner bei hirer Entwécklung a bei hirem Léieren förderen an ënnerstëtzen. Mat freedeger Iwerraschung hun ech missen feststellen, datt de Gros vun deem, wat si als förderlech erausstellen, an de Waldorfschoulen ëmgesaat as... an dat elo scho säit 90 Joer!

Domat wëll ech awer nët soen, datt Waldorfpädagogik e Këssen ass, op deem ee sech däerf ausrouen. Och e Waldorfpädagog ass nëmmen esou laang e gudde Pädagog, wéi hien sech selwer begräift als e Mënsch, dee nach léiert a wiisst.

Wellech Äennerungen huet et an deene leschten 25 Joer an der Waldorfschoul Lëtzebuerg an ronderëm si gin?

- Fir d’éischt an der Waldorfschoul:
  No der Grënnungsphas vun der Waldorfschoul koum den Opbau Schrëtt fir Schrëtt – all Joer koum e Schouljoer derbäi.Wéi mer bei dem 10. Schouljoer resp. der IV^{e} ukomm sin, goung et eng Zäit laang net mi wieder. Am Joer 2001 huet dunn eng Vollversammlung vun Elteren an Pädagogen beschloss, de Waldorfzyklus vun 12 Joer fäerdeg ze man a gläichzäiteg beschloss, de Bac International als Ofschloss anzeféieren. Am Januar 2008 huet eng weider Vollversammlung vun Elteren, Léierpersonal an dës Kéier och Schülervertrieder beschloss, de Secondaire ze erweideren duerch eng „Voie individuelle de formation“ mat engem Portfolio-Ofschloss.
  Mir kënne houfreg sin op dat ,wat mer erreecht hun a mer brauchen net ze verheemlechen, datt de Wee dohin oft

knubbeleg an däereg awer och inspiréirend a spannend wor.

- Zu de Verännerungen um Plang vun der ëffentlecher Ënnerstetzung:
  Vun der ëffentlicher Hand – Gemeng a Staat – ass d'Schoul vun Ufank un ënnerstëtzt gin durch d'Bereetstelle vun Infrastrukturen an duerch eng finanziell Bäihëllef.
  D'Finanzhëllef vum Staat wor extrem bescheiden; si huet sech verduebbelt seit 2004 - duerch dat neit Gesetz, dat d'Relatioune tëscht Staat an Privatschoule reegelt.
  Un den Infrastrukturen, déi vun Ufank un als Provisoire matt enger beschränkter Laafzäit konzipéiert woren, huet den Zannt vun der Zäit uereg gefriess.

- Zu de Verännerungen an der lëtzebuergescher Schoullandschaft:
  Hei sin di stäerksten Verännerungen ze verzeechnen.
  D'Pionéier vun der Waldorfschoul hun sech nach an engem Ëmfeld missen duerchsetzen, wou wéineg reformpädagogesch Bestriewungen geliewt hun an si sin duerfir och ebesjen glungen ugekuckt gin. Mëttlerweil, besonnesch di lescht Joren, huet sech och an der Staatsschoul Munches gedin – suwuel am Primär wéi am Secondaire – an dobäi ass sech och bei der Waldorfschoul inspiriréiert gin. Dat ass eng Bestätegung vun onser Aarbecht a freet ons. Ech stelle mer just d'Fro: Wirwaat kaan di reich lëtzebuergesch Gesellschat sech net eng Nisch leeschten, an där d'Original Waldorfschoul kënnt no hire Bedéngunge liewen?

Erlaabt mer zum Schluss e kuerze Bléck no vir an d'Zukunft.
Wat d'Waldorfschoul Lëtzebuerg onbedéngt an dréngend brauch – a wat se menger Meenung no och verdéngt – ass eng adäquat Plaats, wou se eng Schoul bauen a sech weider entwéckle kann.
An onser Schoul liewen nach vill pédagogesch Iddiën an Energien,

di am Ableck net zum Zuch komme, well de Raum net derfir do ass an di just drop waarden sech endlech entfaale ze kënnen.

Eng Feier, wi déi vun haut, ass eng Geléenheet fir Merci ze soen. Merci allen Pädagogen a Pädagoginnen, di an deene 25 Joren mat vollem Asatz an ënner Bedéngungen, di nët ëmmer einfach woren, hirt Bescht gin hun; Merci allen Elteren, di der Waldorfschoul hier Kanner uvertraut hun a weider uvertrauen.

Ech soen lech merci fir Äer Opmierksamkeet a gin d'Wuert weider un ……..